Méi Informatiounen
op eiser Websäit:

Cette lettre existe également en langue française.
Dieser Brief ist auch in deutscher Sprache erhältlich.
This letter exists also in English.
Esta carta existe tambèm em português.

# Ech maachen am „Programme Mammographie“ mat

Lëtzebuerg, den xx/xx/xxxx

Dës Invitatioun ass 2 Joer laang gülteg.

Madamm,

De Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet organiséiert an Zesummenaarbecht mat der CNS d'Gesondheetskeess d'Broschtkriibs- Fréierkennung duerch Mammographie fir Frae vu 45 bis 74 Joer. Mir proposéieren Iech, um „Programme Mammographie" deelzehuelen.

Wann Dir viru kuerzem eng Mammographie gemaach krut, gëtt recommandéiert, déi nächst fréistens an engem Joer maachen ze loossen.

Dir fannt bei dëser Invitatioun e Bong fir eng Mammographie, deen Dir am Röntgenzentrum vun Ärem Choix ofgi kënnt (kuckt d'Lëscht mat den Telefonsnummere vun de Röntgenzentren). Denkt drun dësen Bong den Dag vun Ärem Rendez-vous matzehuelen.

Fir Iech bei Ärer Decisioun kënnen ze hëllefen, biede mir Iech, d'Erklärungen zur Virsuerg (op der Récksäit) an d'Informatiounsblat iwwer den Traitement vun Äre perséinlechen Donnéeën a Rou ze liesen.

Opgepasst: Déi organiséiert Fréierkennung ersetzt net de Suivi duerchÄren Dokter vum Vertrauen.

Mat beschte Gréiss,

Christian Oberlé
President vun der CNS

Dr Jean-Claude Schmit
Gesondheetsdirekter

Praktesch Informatiounen
op der nächster Saït

PROGRAMME MAMMOGRAPHIE

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale
Direction de la santé

CNS d'Gesondheetskeess

Centre de coordination des programmes de dépistage des cancers
Ministère de la Santé et de la Sécurité sociale, Direction de la santé
20, rue de Bitbourg - L-1273 Luxembourg-Hamm
Tél. : 247 75 550 - Fax : 247 95563
mammographie@ms.etat.lu - www.sante.lu - www.cns.lu

*Ech maachen am* „Programme Mammographie“ mat

## Firwat soll ech um „Programme Mammographie“ deelhuelen?

- Et geet dorëm, Broschtkriibserkrankunge bei Frae vu 45 bis 74 Joer ze fannen.
- D' Mammographie erméiglecht et, eng kleng Tumeur am Ufanksstadium ze entdecken, déi da méi liicht ze behandelen ass.
- Fir datt den Dépistage effikass ass, ass et wichteg, d'Mammographie reegelméisseg ze widderhuelen.
- All d'Mammographië gi vun 2 Radiologen ausgewäert, déi onofhängeg vuneneen agéieren, wat d'Virsuerg méi effikass mécht (Entdecke vu méi Kriibserkrankungen, a manner Feeldiagnosen).
- Reegelméisseg Formatiounen an Evaluatioune vun de Radiologen a Röntgenassistentinnen (ATM) si geséchert.
- Streng Qualitéitskontrolle ginn duerchgefouert (Apparater a Biller).
- D'Resultater vum Dépistage gi reegelméisseg publizéiert.

## De „Programme Mammographie“ an der Praxis:

- Maacht e Rendez-vous fir eng Mammographie an engem vun de **Röntgenzentre** vun Ärem Choix.
- Gitt der ATM de Bong fir d'Mammographie, fir d'Honorairen ze bezuelen.
- Wann Dir al Biller oder eng CD hutt, gitt se der ATM of.

## No der Mammographie:

- E puer Deeg no Ärer Mammographie gëtt d'Resultat un Ären Dokter an un Iech geschéckt, konform zum Gesetz vum 24. Juli 2014 iwwer d'Rechter a d'Flichte vun de Patienten.
- No der Auswäertung vun der Mammographie sinn heiansdo zousätzlech Ënnersichungen noutwenneg. An 9 vun 10 Fäll handelt et sech ëm eng guttaarteg Anomalie an e Kriibs kann ausgeschloss ginn. Et ass awer ëmmer besser, sech ze vergewësseren.
- Trotz allen erdenkleche Precautioune gi verschidde Kriibserkrankungen net beim Dépistage entdeckt a kënne sech no engem normale Mammographie-Resultat manifestéieren. Et ass duerfir wichteg, datt all Fra op klinesch Verännerungen oppasst, déi optriede kënnen an datt se sech eemol d'Joer vun hirem Dokter ënnersiche léisst.

## Weider Froen?

D'Equipe vum „Programme Mammographie" steet Iech fir weider Froen zur Verfügung:
- 247-75 550
- mammographie@ms.etat.lu
- www.sante.lu

PROGRAMME MAMMOGRAPHIE

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé et de la Sécurité sociale
Direction de la santé

CNS d'Gesondheetskeess

Centre de coordination des programmes de dépistage des cancers
Ministère de la Santé et de la Sécurité sociale, Direction de la santé
20, rue de Bitbourg - L-1273 Luxembourg-Hamm
Tél. : 247 75 550 - Fax : 247 95563
mammographie@ms.etat.lu - www.sante.lu - www.cns.lu

# Wien traitéiert meng Donnéeën?

# Informatiounsblat

## iwwer den Traitement vun Äre perséinlechen Donnéeën

**Firwat krut ech dës Invitatioun?**

Dës Invitatioun gouf Iech vun der Gesondheetsdirektioun op Basis vun deene vun der Caisse Nationale de Santé (CNS) am Kader vum Ofkommes mam Staat Lëtzebuerg[1] bereetgestallten Informatiounen iwwermëttelt. Dëse Programm fir d'Fréierkennung vu Broschtkriibs kënnt Fraen am Alter tëschent 45 a 74 Joer zegutt, déi bei der Gesondheetskeess affiliéiert sinn.

**Ass meng Participatioun fräiwëlleg?**

Jo, Är Participatioun ass absolut fräiwëlleg. Wann Dir net méi wëllt invitéiert ginn, braucht Dir Äre Refus just schrëftlech mat Hëllef vum Formular am Unhank un de Koordinatiounszentrum fir Kriibs-Fréierkennungsprogrammer (Gesondheetsdirektioun) ze schécken.

**Wien traitéiert meng Donnéeën?**

Wann Dir decidéiert, um Programm deelzehuelen, ginn Är perséinlech Donnéeën (Identifikatiouns- an eventuell Kontaktdaten) a schliisslech Är Gesondheetsdonnéeë vun deene folgenden Entitéiten traitéiert:

1. vun deem mat der Duerchféierung vun der Mammographie beoptraagten agreéierte Radiologieszentrum;
2. vun der Gesondheetsdirektioun iwwer (i) hire Koordinatiounszentrum fir de „Programme Mammographie", fir d'Invitatiounen, eventuell Relancen an de Suivi vun de Participatiounen ze geréieren, an iwwer (ii) hir Radiologen, fir d'Qualitéit vun Äre Mammographiesopnamen ze kontrolléieren, awer och fir bei der Auswäertung vun Ärem Mammographie-Screening matzewierken. Bei Bedarf ginn Är fréier Resultater an Opnamen (dorënner méiglecherweis och Röntgenopnamen, déi ausserhalb vum Kader vum Fréierkennungsprogramm gemaach goufen) vum betreffende Spidol iwwermëttelt, fir déi beschtméiglech Auswäertung ze garantéieren;
3. vun der CNS, déi déi agreéiert Radiologieszentren unhand vun de Bonge fir d'Prise en charge rembourséiert;
4. vum Luxembourg Institute of Health (LIH), dat deem fir de „Programme Mammographie" zoustännege Koordinatiounszentrum (Gesondheetsdirektioun) iwwer den Nationale Kriibsregëster pseudonymiséiert Informatiounen iwwer all eventuell Kriibserkrankungen zur Verfügung stellt.

Um organisatoreschen Niveau ass ze notéieren, datt d'Gesondheetsdirektioun d'Verschécke vun den Invitatiounen un eng Imprimerie soustraitéiert, déi hirersäits enger strenger Vertraulechkeet ënnerläit.

**A mäi Vertrauensdokter?**

Fir de Suivi vun Ärem Depistage ze garantéieren, ginn Är perséinlech Donnéeën och un deen Dokter iwwermëttelt, deen Dir uginn hutt.

*(1) Ofkommes vum 13. Oktober 2003 tëschent dem Staat Lëtzebuerg an der Nationaler Gesondheetskeess iwwer d'Organisatioun vun engem permanente Broschtkriibsfréierkennungsprogramm mëttels Mammographie (a senger ofgeännerter Versioun)*

**Awéifern droen déi am Kader vun dësem Fréierkennungsprogramm traitéiert Donnéeën zur Verbesserung vun der Broschtkriibsbehandlung op nationalem Niveau bäi?**

Am Kader vum Fréierkennungsprogramm ginn Är Donnéeën och an agreéierter Form fir statistesch Zwecker vun der Gesondheetsdirektioun traitéiert. Zousätzlech gi pseudonymiséiert Date vun der Gesondheetsdirektioun mam Luxembourg Institute of Health ausgetosch, dat fir den Nationale Kriibsregëster zoustänneg ass. Dës Traitementer erméiglechen d'Bewäertung vun der globaler Wierksamkeet vun der Broschtkriibsbehandlung an der Effizienz vum Fréierkennungsprogramm.

**Wéi laang gi meng Donnéeë gespäichert?**

Déi perséinlech an déi pseudonymiséiert Donnéeë gi vun der Gesondheetsdirektioun iwwer en Zäitraum vu maximal 12 Joer nom Enn vum Zilalter vum Screeningprogramm versuergt.

**Wéi eng Dateschutzrechter hunn ech?**

D'Dateschutzgrondveruerdnung (DSGVO) gëtt Iech eng bestëmmten Unzuel u Rechter:

- d'Recht op Zougang zu den Donnéeën, déi Iech betreffen, an op eng Kopie vun dësen Donnéeën;
- d'Recht op d'Rektifikatioun vun Ären Donnéeën, falls dës falsch oder net vollstänneg sinn.

Ënner bestëmmte Viraussetzunge kënnt Dir den Traitement vun Ären Donnéeën och aschränken, Iech dem Traitement opposéieren an hir Läschung oder hir Iwwerdrobarkeet fuerderen. Dir kënnt Är Rechter bei der Gesondheetsdirektioun ausüben andeems Dir eng schrëftlech Demande mat engem Beweis vun Ärer Identitéit areecht:

- per email un d'Adress mammographie@ms.etat.lu mam Vermierk „Protection des données / Demande d'exercice de droits", oder
- per Courrier un déi folgend Adress:
  Centre de coordination des programmes de dépistage des cancers
  Ministère de la Santé et de la Sécurité sociale,
  Direction de la santé
  20, rue de Bitbourg, L-1273 Luxembourg-Hamm

Sollt Dir net zefridde sinn mat der Äntwert, déi Dir kritt, oder falls Dir weider Froen zum Dateschutz hutt, kënnt Dir Iech och un den Dateschutzbeoptragte wenden, deen Dir per email op info_donnees@ms.etat.lu oder per Courrier op dëser Adress kontaktéiere kënnt: Delegéierte fir den Dateschutz, Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet, Gesondheetsdirektioun - 20, rue de Bitbourg, L-1273 Luxembourg-Hamm.

Weiderhi kënnt Dir Iech och bei der Nationaler Dateschutzkommissioun (CNPD) beschwéieren, dëst entweder per Courrier un dës Adress: 15, Boulevard du Jazz, L-4370 Belvaux oder andeems Dir de Formular op der Websäit vun der CNPD ënner der Rubrik "Particuliers -> Faire valoir vos droits" (Privatpersonen -> Ihre Rechte geltend machen) ausfëllt.